ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 18. Mee 2021 huet de Schoulminister dat neit Unterrechtsfach *Digital sciences* virgestallt, dat an den ënneschte Klasse vum Secondaire classique an technique agefouert wäert ginn. De Ministär deelt am Hibléck op dës Neierung mat: «Les *digital sciences* seront enseignées dans les trois langues véhiculaires pour mieux respecter les compétences linguistiques des élèves et des enseignants.»

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1) Wat sinn déi dräi Unterrechtssproochen ("langues véhiculaires")? Ass hei gemengt, dass am neien Unterrechtsfach ofgewiesselt gëtt tëschent dräi Sproochen, oder gëtt eng Sprooch bestëmmt, an där dann den Unterrecht während engem Joer stattfënnt? Ween entscheet iwwer d'Sprooch, déi benotzt gëtt?
2) De Ministär schreift, dass domat d'Sproochekompetenze vun de Schüler besser respektéiert géife ginn. Heescht dat, dass de Ministär eng Unterrechtsprooch favoriséiert, an deenen d'Schüler méi kompetent sinn, fir dass si esou besser verstinn? Oder heescht dat, dass de Ministär eng Unterrechtssprooch favoriséiert, an deenen d'Schüler manner kompetent sinn, fir dass si déi Sprooch da besser léieren?
3) Kann de Ministär sech esou eng Approche och virstellen an anere Fächer? Beispillsweis, fir am klassesche Lycée, vu Quatrième un, an de sougenannten Niewefächer de fräie Choix vun der Unterrechtssprooch zouzeloossen, dëst also och am Hibléck op d'Kompetenze vun de Schüler?
4) Gesäit den Här Minister an der aktueller Situatioun, an där de Schüler eng Sprooch, nämlech Franséisch, an enger ganzer Rei Fächer vu Quatrième un opgezwonge gëtt, een "non-respect des compétences linguistiques des élèves"?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**